N°8079
Entrée le 07.06.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.06.2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden:

*„Déi inflationär Tendenzen aus de leschte Joren hunn dozou gefouert, datt etlech Leit, trotz e séllege finanziellen Héllefe vum Staat, sech hu missen aschränken an op verschidde Wueren entweder ganz verzichten oder hire Konsum aschränken. Och d'Baueren an d'Gäertner aus der Biolandwirtschaft schéngen net verschount vun dëser Evolutioun ze bleiwen.*

*An deem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister an dem Här Wirtschaftsminister folgend Froe stellen:*

*1. A wat fir engem Mooss féiert d'Hausse vun de Produkter vu Biowueren zu enger Reduzéierung vun der Consommatioun? Gëtt et do schonn éischt statistesch Erkenntnisser?*

*2. Wat fir ee Feedback kritt den Här Landwirtschaftsminister aus der Branche vun de Biobaueren, déi vun hirem Haff aus Fleesch, Mëllech, Geméis an aner Wuere verkafen?*

*3. Wat fir eng Wueren am Bioberäich goufen am stäerkste vun der Präishausse getraff? Wéi presentéiert sech d'Entwécklung vum Präis vun der Biomëllech, dem Biofleesch an de Bioeeër an de leschte Méint?*

*4. Hunn eventuell misse Mataarbechter aus Biobetriber entlooss ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

André Bauler
Deputéierten